ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. November 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Et ass gewosst, datt och geimpft Mënsche sech mam Coronavirus infizéiere kënnen. Verschiddener vun hinne musse souguer an der Klinick, schlëmmstefalls op der Intensivstatioun, behandelt ginn.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch:

1) Leien der Regierung Statistike vir, déi beleeën, wéi vill warscheinlech „Impfduerchbrëch" et säit Ufank vun der Impfcampagne zu Lëtzebuerg gouf bzw. wéi vill Prozent vun de vollstänneg Geimpfte bis elo een Impfduerchbroch haten?
2) Kann d'Regierung preziséieren, wéi vill geimpft Leit *exklusiv* wéinst Covid-19 an der Klinick hu misse behandelt ginn?
3) Leien der Regierung Zuele vir, déi beleeën, wéi vill geimpft Leit, déi wéinst enger anerer Krankheet an der Klinick behandelt goufen, sech an der Klinick mat Covid-19 infizéiert hunn?
4) Mat wéi engem Impfstoff waren déi Leit, déi *exklusiv* wéinst Covid-19 hu misse behandelt ginn, geimpft? Wéi laang louch hir Impfung am Schnëtt zréck?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten